

CLEVER MOVE

NATIONAL BEWEEGUNGSWOCH

VUM 05. JUNI - 09. JUNI 2023

11 ORGANISATORRESCH PRINZIPIE FIR D'SCHOUL AN D'M.R.



Planung

1

All Schülerin an all Schüler aus eiser Schoul mécht mat. All Enseignant an Educateur gëtt an d'Planung agebonnen
→ Schoul&Maison Relais zesummen.



Hëllef

2

Hëllef vun eisem Elterecomité, eise lokale Veräiner, der LASEP, de Sportsfederatiounen, der Sportskommissioun vun eiser Gemeng.



Zesummenaarbecht

3

Mir sichen d'Zesummenaarbecht mam Concierge a mam Service Technique vun der Gemeng.



Budget

4

Hu mir nach Budget fir « eppes Extras », resp. fir e kleng Souvenir fir all Kand (Zertifikat, Badge, Medail, Bong)?



Material

5

Wat ginn eis Halen hier? Wéi ee Material hu mir? Terrainen? Häff? Schwämm? Aner Säll? Spillplazen? Préau? Klammwand? Tennisterrain?



inklusiv Denken

6

D'Aktivitéiten entsprechen dem Niveau vun all Kand. Mir denken inklusiv.



ofwiesslungsräich Aktivitéiten

7

Mir bidden ofwiesslungsräich Aktivitéiten un, déi net onbedéngt un eng spezifesch Sportart gebonne sinn.



Reklamm

8

Mir maache Reklamm fir eis Bewee- gungswoch (oder fir eise Bewee- gungsdag). Social Media, Plakater, Elterebréif, Gemengen-TV?



Oplklärung

9

Mir leeschten Oplklärungsarbeit (Kanner & Elteren)
→ mir thematiséieren d'Virdeeler vun engem aktiven Alldag.



Kontakter

10

Mir stellen eng Lëscht (mat Kontakter) op, mat alle méigleche Sportsveräiner & Organisatiounen aus eiser Gemeng.
→ Flyer



NUTRITIOUN

11

Mir suergen derfir, dass gesond an ausge- glacht lessen di ganz Woch iwwee virgesinn ass. <https://gimb.public.lu/de.html>



CLEVER MOVE

NATIONAL BEWEEGUNGSWOCH

VUM 05. JUNI - 09. JUNI 2023

7 PRAKTESCH ROTSCHLÉI

1

Benutzt déi Aktivitéiten, déi di lescht Jore scho gutt fonctionnéiert hunn. D'Rad net nei erfannen.

2

Gëtt et eng Ausnamesportlerin / en Ausnamesportler (jugendlech oder erwuessen) an der Gemeng? Invitéieren + Interview organiséieren. D'Kanner stelle Froen, de „Star“ äntwert.

3

En Deel vun den Aktivitéite sollte vun de Schülerinnen a Schüler selwer eraus-gesicht ginn (Choix).

4

D'Woch esou plangen, dass esou vill wi méiglech Klasse kënnen vum Opbau profitéieren.

5

Stroosespär duerch den technesche Service vun der Gemeng? Transport vu schwéierem Material?

6

Zesummenaarbecht mat der Nopesch-gemeng? Deelee vun Infrastrukturen & Material?

7

Ambulanz?
CGDIS?
1.Hëllef-Sets iwwerall zougänglech?

FRÄIWËLLEG CHALLENGE

Probéiert als Klass / Schoul Folgendes (mir organiséieren e Laf) , an **dokumentéiert** dat Gantz **mat engem Film vun 30-40 Sekonnen** oder **mat Fotoen**.

Dëse Film (mp4) / dës Fotoen kann all Schoul fräiwëlleg op Teams eroplueden an eis den Accès fräi schalten. Mir setzen eng Rei Videosequenzen online op bewegung.lu

